



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/05/2021

Här President,

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech
lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Mobilitéit & Ëmwelt, Klima an
nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.**

D'Cargolux feiert 2021 hiert d'50järegt Bestoen. 2020 huet Cargolux ee Rekordbenefice
vun iwwer 630 Milliounen Euro konnten erzielen. Dëst ass op eng vergréissert Unzuel un
Transportflich zréck ze féieren. Déi momentan sanitär Kris huet der Fluchgesellschaft also
net geschuet.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Informatiounen iwwert de Klimabilan vu Cargolux vun deene
leschte 5 Joer (opgeléicht no Joer)?
Kann d'Regierung den CO2-Ausstooss grad ewéi d'Quantitéit u verbrauchtem Kerosin
vun der Cargolux fir déi lescht 5 Joer opléichten?
2. Zur Bekämpfung vum Fluchlärm um Findel huet d'Ëmweltverwaltung 2020 een
Aktiounsplang ausgeschafft gehat.
Gouf am Kader vun dësem Aktiounsplang festgestallt, wéi eng Fluchgesellschaft an
der Moyenne pro Vol deen héchste Lärmausstooss huet?
3. Am Kader vun dësem Rapport goufen anscheinend och d'Nuetsflich, déi vum Findel
aus gestart sinn, gezielt.
Kënnen d'Minister d'Unzuel un Nuetsflich pro Airline uginne?
4. Wäert d'Regierung zesumme mat der neier Verwaltungsrotspräsidentin u konkrete
Mesuren zur Verbesserung vun der Klimabilanz schaffen?
5. Wäert déi nei Verwaltungsrotspräsidentin sech dofir asetzen, d'Unzuel un Nuetsflich
ze reduzéieren?



www.piraten.lu

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized representation of the name 'Goergen'.

GOERGEN Marc
Député

